N°6691
Entrée le 05.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6691 vum 22. August 2022 vun den éierwäerten Deputéierten Här Marc Spautz an Här Georges Mischo iwwert „Source Bel-Val"**

**1. Wéi ass d'Positioun vun der Madamm Minister par Rapport zu enger eventueller Nei-Notzung vun der Source Bel-Val?**

D'Prioritéit vun der Regierung fir d'Sécherheet vun der Drénkwaasserversuergung zu Lëtzebuerg op 3 Pilieren opgebaut ass:

- de Schutz vu bestoenden Ressourcen,
- d'Sich no neie Ressourcen,
- d'Ëmsetzung vu Waasserspuermoossnamen.

Fir de Moment si vill Projeten um lafen fir nei Buerungen ze realiséieren oder al Quellen, déi ausser Betrib waren, nees an Betrib ze huelen. Dobäi ënnerstëtzen d'Mataarbechter aus der Waasserverwaltung (AGE) déi betraffe Gemengen an och d'Drénkwaassersyndikater esou gutt wéi méiglech.

D'Gemengenautonomie spillt heibäi eng wichteg Roll: de Minister a seng technesch Verwaltungen, wéi d'Waasserverwaltung, sinn ënner anerem do fir d'Gemengen am Beräich vun der Drénkwaasserversuergung vun den Awunner an och am Ëmgang mat hire Waasserressourcen ze guidéieren an ze beroden.

Wat eng Exploitatioun vun der Quell Bel-Val als Drénkwaasserressource ugeet, sou läit dëst a Gemengenhand. Et ass wichteg do de ganze Kontext ze gesinn: do kann net nëmmen gekuckt ginn, wéi et virun méi wéi 100 Joer ausgesinn huet, mee och den Historique vum Site, d'Lokalitéit, d'Geforen, d'Contrainten an och déi national Gesetzgebungen déi mussen respektéiert ginn fir eng gutt Drénkwaasserqualitéit kënnen ze garantéieren, mussen beuecht ginn.

Wéi déi honorabel Deputéierten an der Fro opgräifen, ass d'Quell Bel-Val säit 1935 net méi a Betrib, an de Site ass deemools un d'ARBED verkaf ginn. De ganze Site Belval, wou d'Quell Bel-Val läit, ass staark geprägt duerch déi fréier Eisen- a Stolindustrie déi d'Grondwaasser souwéi och de Buedem markéiert hunn.

Et ass net auszeschléissen, datt duerch Réckstänn vun Schuedstoffer am Buedem an Grondwaasser (bedéngt duerch déi fréier industriell Notzung vum Site), d'Drénkwaasserqualitéit net garantéiert kéint ginn. Eventuell wäer eng finanziell an technesch opwenneg Behandlung vum Waasser noutwenneg. Et misst dowéinst am Virfeld och analyséiert ginn ob esou eng Behandlung iwwerhaapt machbar wär.

Eng Notzung vun der Quell Bel-Val fir Drénkwaasserzwecker géing och bedeiten, datt Drénkwaasserschutzzonen missten délimitéiert ginn, konform zum Artikel 44 vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008. Dëst géif och vill Aschränkungen mat sech bréngen, notamment wat aktuell an zukünfteg Gebaier betrëfft. Dës Aschränkungen, déi fir d'Garantie vun der Drénkwaasserqualitéit noutwenneg wären, sinn op engem Site vun enger fréierer Schwéierindustrie mat enger aktueller staarker urbaner Entwécklung net realistesch.

Zudeem läit besote Quell och an enger geréngér Déift an ass soumat ganz vulnerabel géigeniwwer Infiltratioune vun der Uewerfläch. Duerch des geréng Déift vum Grondwaasser, sinn och Interventiounen am Grondwaasser duerch Bauprojeten ganz warscheinlech, sou datt den Drénkwaasserschutz net garantéiert kann ginn.

**2. Sinn Etuden am deem Sënn gemaach oder an Optrag gi ginn?**

Ufanks 2000 sinn Etüd gemaach ginn, fir d'Quell Bel-Val erëm an Betrib ze huelen, mee dës Iddi ass séier erëm verworf ginn wéinst dem Historique vum Site, wéi an der éischter Äntwert hei driwwer schonn ernimmt.

**3. Wa jo, wat sinn d'Erkenntnisser?**

Hei verweisen ech op d'Äntwerten 1 an 2.

**4. Wann net, firwat kënnt d'Source Bel-Val net als weider Drénkwaasserquell a Fro?**

Wéi schonn uewen erkläert, maachen d'Qualitéit vum Grondwaasser um Site Belval, déi net den Drénkwaasserufuerderungen entsprécht, d'Präsenz vun engem belaaschten Site an der Vulnérabilitéit vun der Quell an dem Anzuchsgebitt et schwiereg fir d'Quell Bel-Val esou ze schützen, datt eng Notzung fir Drénkwaasserzwecker méiglech wär.

Et sief och bemierkt dat d'AGE d'Stad Esch/Uelzecht ënnerstëtzt fir eng aner Grondwaasserquell zu Esch op der Héicht vun der Gemengegrenz zu Schëffleng fir Drénkwaasserzwecker ze notzen. Eng Buerung ass geplangt an déi Quelle ass vun hirer Lag aus vill besser dofir gëeegent wéi d'Quell Bel-Val, dëst esouwuel wat d'Qualitéit an d'Quantitéit betrëfft.

Lëtzebuerg, den 5. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung